N°662
Entrée le 25.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.04.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

*„An Däitschland huet d'"Bundesinformationszentrum Landwirtschaft" kierzlech matgedeelt, datt den duerchschnëttleche Joreskonsum vu Fleesch am Joer 2023 ëm 430 Gramm op 51,6 Kilogramm gefall ass. De gréisste Réckgang hätt et beim Rand- a Kalleffleesch ginn (-5%). Beim Gefligel huet den Informatiounszenter dogéint eng Hausse festgestallt (vun 12,2 op 13,1 Kilogramm).*

*An deem Zesummenhank wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:*

*1. Gëtt et an deem Kontext vergläichbar Statistike fir Lëtzebuerg?*

*2. Wéi huet sech d'Fleeschproduktioun hei am Land an de leschten 10 Joer entwéckelt? Wéi vill Fleesch, dat heiheem produzéiert gëtt, gëtt an d'Ausland exportéiert?*

*3. Aus wat fir engen EU-Länner an Iwwerséilänner importéiere mer Fleesch? Wat stellen dës Importer am gesamte Fleeschkonsum hei zu Lëtzebuerg duer?*

*4. Wéi hu sech d'Fleeschersatzprodukter am Verglach zum klassesche Fleeschkonsum entwéckelt?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 662 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler an Luc Emering**

## 1. Gëtt et an deem Kontext vergläichbar Statistike fir Lëtzebuerg?

Zu Lëtzebuerg gi järlech „Bilans d'approvisionnement" fir déi wichtegst landwirtschaftlech Produkter erstallt, wourënner och d'Fleesch fält. An dësem Bilan gëtt de Konsum vun de verschiddenen Fleeschkategorien gerechent andeems d'Exporter vun den Disponibilitéiten (Produktioun an Import) ofgerechent ginn. De Gesamtkonsum gëtt uschléissend duerch déi duerchschnëttlech Awunnerzuel vum jeeweilege Joer gedeelt:

| Konsum/ Awunner (Kg/Kapp) | Fleesch insgesamt | Rand- a Kallefsfleesch | Schwénge-fleesch | Schofs- a Geessen-fleesch | Päerds-fleesch | Gefligel | anert Fleesch | Innereien |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 2014 | 87,2 | 25,0 | 36,7 | 2,2 | 0,3 | 18,7 | 1,2 | 3,2 |
| 2015 | 95,3 | 25,1 | 39,8 | 2,0 | 0,2 | 22,3 | 1,7 | 4,2 |
| 2016 | 89,7 | 25,8 | 39,0 | 1,6 | 0,2 | 18,6 | 1,3 | 3,1 |
| 2017 | 85,9 | 24,9 | 37,5 | 1,4 | 0,2 | 18,6 | 0,9 | 2,4 |
| 2018 | 89,7 | 26,4 | 37,7 | 1,4 | 0,2 | 19,8 | 1,0 | 3,1 |
| 2019 | 89,4 | 27,9 | 36,0 | 1,3 | 0,2 | 19,7 | 1,0 | 3,4 |
| 2020 | 89,0 | 27,2 | 36,3 | 1,3 | 0,1 | 19,7 | 0,9 | 3,5 |
| 2021 | 89,5 | 29,1 | 34,9 | 1,2 | 0,1 | 19,7 | 1,0 | 3,3 |
| 2022 | 89,1 | 28,9 | 33,6 | 1,1 | 0,1 | 19,4 | 0,9 | 5,1 |
| 2023 | 85,4 | 28,0 | 31,0 | 1,0 | 0,1 | 20,3 | 1,0 | 3,9 |

Bei der Interpretatioun vun dësen Zuele muss ee beuechten, dass d'Frontalieren net fir d'Berechnung vum Pro-Kapp-Verbrauch kënne berücksichtegt ginn, se awer trotzdeem en Deel zum Verbrauch bäidroen.

Quell : SER

## 2. Wéi huet sech d'Fleeschproduktioun hei am Land an de leschten 10 Joer entwéckelt? Wéi vill Fleesch, dat heiheem produzéiert gëtt, gëtt an d'Ausland exportéiert?

| 1000 Tonnen Karkassegewiicht* | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Produktioun (Schluechtungen) | 22,477 | 23,516 | 25,460 | 24,492 | 24,759 | 25,175 | 24,709 | 24,981 | 24,511 | 22,276 |
| Export Fleesch | 9,838 | 10,908 | 12,543 | 11,217 | 12,365 | 11,495 | 11,063 | 11,391 | 11,945 | 10,653 |
| dovun Export an EU-Länner | 9,762 | 10,812 | 12,503 | 11,167 | 12,302 | 11,415 | 11,022 | 11,349 | 11,830 | 10,530 |
| Undeel vum Export un der Produktioun** | 44% | 46% | 49% | 46% | 50% | 46% | 45% | 46% | 49% | 48% |

*enthält Randfleesch, Schwéngefleesch, Schofsfleesch, Geessefleesch, Gefligel, Innereien an anert Fleesch. Den Export vu **liewegen** Déiere gëtt an dësem Tableau net berücksichtegt.

**Beim Export vu Fleesch ass et net méiglech, tëschen Fleesch aus heemescher Produktioun an importéiertem Fleesch, dat réexportéiert gëtt, ze ënnerscheeden.

Quell : SER

### 3.1 Aus wat fir engen EU-Länner an Iwwerséilänner importéiere mer Fleesch?

Importer vu Fleesch (an iessbare Schluechtnieweprodukter) pro Joer an Dausenden EUR

| Pays de provenance | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Autriche | 918.61 | 948.04 | 994.94 |
| Belgique | 80 556.47 | 94 483.02 | 98 919.61 |
| Suisse | 0.12 | | |
| Tchéquie | 0.08 | 0.06 | 0.09 |
| Allemagne | 15 665.18 | 20 083.17 | 22 200.56 |
| Danemark | 1 168.13 | 1 126.74 | 467.68 |
| Espagne | 1 641.43 | 1 295.07 | 2 005.24 |
| Finlande | | | 0.68 |
| France | 36 313.95 | 41 154.13 | 40 712.29 |
| Irlande | 6 066.65 | 8 894.40 | 8 701.60 |
| Italie | 2 971.86 | 3 997.55 | 5 587.84 |
| Japon | 0.05 | 0.02 | |
| Monténégro | 0.64 | | |
| Pays-Bas | 8 777.62 | 10 927.10 | 10 278.54 |
| Pologne | 0.77 | 7.85 | 0.33 |
| Portugal | 3 481.60 | 3 847.32 | 4 727.67 |
| Suède | 3.40 | 3.50 | 4.48 |
| Slovénie | | | 0.05 |
| États-Unis | | 0.10 | 0.00 |
| Royaume-Uni (Irlande du Nord) | | 14.43 | |
| Royaume-Uni (à l'exclusion de l'Irlande du Nord) | 0.01 | | |

Quell : STATEC

D'Importzuelen aus Iwwerséilänner stellen déi Länner duer wou Lëtzebuerg als Direktimportland figuréiert. Importer aus Iwwerséilänner déi iwwer en anert EU-Land ofgewéckelt ginn, op Grond vun internationalen Handelsaccorden oder net, si beim innergemeinschaftlechen Wuereverkéier enthalen.

### 3.2 Wat stellen dës Importer am gesamte Fleeschkonsum hei zu Lëtzebuerg duer?

| **1000 Tonnen Karkassegewicht*** | **2014** | **2015** | **2016** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Konsum Fleesch | 48,531 | 54,271 | 52,328 | 51,218 | 53,470 | 55,446 | 55,972 | 57,221 | 58,215 | 56,866 |
| Import Fleesch | 35,892 | 41,664 | 39,411 | 37,943 | 41,076 | 41,765 | 42,326 | 43,631 | 45,649 | 45,243 |
| dovun Import aus EU-Länner | 35,855 | 41,617 | 39,366 | 37,937 | 41,076 | 41,765 | 42,326 | 43,630 | 45,649 | 45,243 |
| Undeel vum Import um Konsum** | 74% | 77% | 75% | 74% | 77% | 75% | 76% | 76% | 78% | 80% |

*enthält Randfleesch, Schwéngefleesch, Schofsfleesch, Geessefleesch, Gefligel, Innereien an anert Fleesch. Den Import vu **liewegen** Déiere gëtt an dësem Tableau net berücksichtegt.

** Beim Import ass et net méiglech festzestellen, wéien Undeel dovun zu Lëtzebuerg consomméiert gëtt a wéien Undeel dovu weider exportéiert gëtt.

Quell : SER

### 4. Wéi hunn sech d'Fleeschersatzprodukter am Verglach zum klassesche Fleeschkonsum entwéckelt?

**Montant an Euro, deen d' Moyenne pro Stot vun den Ausgaben iwwert d' ganzt Joer duerstellt (2019-2023)**

| | **2023** | **2022** | **2021** | **2020** | **2019** |
|---|---|---|---|---|---|
| **Viande de boeuf** | 235 | 261 | 182 | 228 | 204 |
| **Viande de veau** | 60 | 55 | 58 | 44 | 56 |
| **Viande de porc** | 111 | 113 | 78 | 178 | 86 |
| **Viande d´ovins et de caprins** | 35 | 31 | 40 | 28 | 20 |
| **Viande de volaille** | 270 | 279 | 258 | 224 | 220 |
| **Lapin, gibier et autres viandes** | 14 | 9 | 6 | 8 | 30 |
| **Abats comestibles** | 10 | 7 | 7 | 17 | 3 |
| **Saucisses et saucissons** | 203 | 179 | 127 | 149 | 142 |
| **Jambon** | 126 | 160 | 103 | 134 | 117 |
| **Autres viandes séchées, fumées, salées ou charcuterie** | 98 | 113 | 83 | 106 | 75 |
| **Pâté et autres produits de viande** | 36 | 38 | 34 | 39 | 19 |
| **Conserves, préparations et produits de viande** | 191 | 222 | 171 | 261 | 204 |
| **TOTAL Produits alimentaires** | 6205 | 6161 | 5416 | 5839 | 4887 |

Quell : STATEC

Donnée'en zu Fleeschersatzprodukter sinn net verfügbar.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN